



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2021

Här Präsident,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chamberreglement et virgesäit, wéilte mir eng dringend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen a Bezuch op déi rezent Neiinfektiounen mam Sars-CoV-2.

Vis-à-vis vun de Journaliste vun RTL seet de Gesondheitsdirekter, dass hien hei ee Lien mat Nationalfeierdag gesäit. Ënnert de positiv geteste Leit wieren hauptsächlech Jonker, déi nach net geimpft wieren.

Hie betount weider:

"Do wou bëssen de Problem ass, ass bei deene Leit, déi nach net geimpft sinn an déi am Prinzip misste getest gi fir eng ganz Rei Situatiounen. De System CovidCheck ass u sech gutt, mee et muss een en natierlech konsequent applizéieren."

D'Organisateuren hätten hei eng grouss Responsabilitéit.

Duerfir wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Ministesch riichten:

- Zanter dem Akrafttrieden vum leschten Covid-Gesetz, wéi vill Etablissementer, déi ee Public empfänken, wéi vill Organisateur vu Manifestatiounen oder Evenementer hunn de Regimm Covid check beim Santésdirekter ugemellt, a wéi engem Beräich (Fester, Sport, Musék etc) a fir wéi eng Dauer?

- Béi wéi vill vun deenen Evenementer / Manifestatiounen konnt entremps min. ee Cluster nogewise ginn? Wéi vill Etablissementer sinn dovunner betraff? Kann d'Madamm Ministesch d'Land-Informatioun (Artikel vum Pierre Sorlut vum 2.7.2021) bestätegen, dass um Virowend vun Nationalfeierdag sech ee Minister an engem Horeca-Etablissement ugestach huet an dat trotz Covid check?

- Wéi vill Leit konnten deene jeweilige Clusteren zougeuerdent ginn? Bei wéi vill vun deenen Evenementer waren tëscht 10 a 50, tëscht 50 an 300 Leit, méi wéi 300 Leit gemellt?

- Goufen a verschiddenen Etablissementer iwwer déi lescht Wochen öfters Clusteren festgestallt ? Goufen an deem Kontext Gesetzeswiddregkeete festgestallt a wa jo, wéi vill Amenden goufen an deem Kontext gesprach? Koum et eventuell schonn zu administrative Fermeturen vu sou Etablissementer?

- Wéi vill Kontrollen op de Respekt vun de CovidCkeck Mossnamen sinn déi lescht Wochen duerchgefouert ginn a wat waren d'Resultater dovunner?

- Ass et méiglech, opgrond vun den Informatiounen iwwer déi d'Regierung verfügt, den Ausbroch vu Clusteren gewëssenen Wochendeeg zouzeuerdnen? Op wéi eng Daten baséiert sech de Gesondheetsdirekter wann hien e Lien tëscht der neier Infektionslaag an Nationalfeierdag?

- Wéi eng Erkenntnisser zitt d'Regierung doraus?

Mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.



Gilles Roth
Deputéierten



Laurent Mosar
Deputéierten